N°7988
Entrée le 13.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7988 vum 12. Mee 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Georges Mischo iwwer d'Urgencen an der Neonatologie**

- *Kann de Minister bestätegen, datt d'CNS och am Fall vun enger medezinescher Urgence de Remboursement vun enger Hospitalisatioun am Ausland verweigert, obwuel hei am Land kee Bett méi op enger Neonatologie-Statioun fräi ass?*
  - *Wa jo, mat wat fir enger Begrënnung kann de Remboursement an esou Fäll verweigert ginn?*
  - *Wa jo, fir wat dréit d'CNS am Fall vun enger medezinescher Urgence net d'office d'Käschte vun enger Hospitalisatioun op enger Neonatologie-Statiounam Ausland, wann zu Lëtzebuerg keng Plaz disponibel ass?*

D'Prozeduer vun den Auslandsiwwerweisungen ass am Dezember 2022 geännert ginn. Zënterhier ass keng Demande méi refuséiert ginn an d'CNS huet och am Kader vun der Neonatologie déi Demande validéiert déi ze spéit erakoume wann dëse Retard och justifizéiert war, zum Beispill bei enger Urgence wou d'Demande net konnt virdru gestallt ginn.

- *A wéi vill Fäll huet d'CNS am leschte Joer am Fall vun enger Urgence de Remboursement vun enger Hospitalisatioun op enger Neonatologie-Statioun am Ausland refuséiert?*
- *Féiert de Refus vun der CNS net derzou, datt Klinicken, déi selwer keng spezialiséiert Neonatologie-Statioun hunn, am Fall vun enger Risikoschwangerschaft d'Fraen direk tan automatesch an eng vun de Klinicke mat enger Neonatologie-Statioun iwwerweisen, fir ze verhënneren, datt si am Fall vun enger Noutsituatioun d'Käschte musse selwer iwwerhuelen?*

Dat lescht Joer gouf just an engem Fall d'Prise en Charge refuséiert.

Fir all déi aner Fäll wou e Recours ageluecht gouf virum Verwaltungsrot vun der CNS, gouf d'Prise en Charge nodréiglech accordéiert op Basis vun den zousätzlech Infoen déi d'CNS krut.

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen